Am Numm vun der CSV-Fraktioun hei eis Stellungnahm zum Budget 2016. Als éischt wollt ech dem Personal aus der Gemengeverwaltung wei dem Schäfferot en groussen Merci ausspriechen vir déi gutt Aarbescht déi se an den leschten Méint an't Opstellen vun dësem Dokument investéiert hunn.

Elo sinn schonns 4 Joer vergaang säit der Fusioun vun der neier Gemeng Käerjeng. Schaffen vun der CSV-Dei Greng-Bigk Majoritéit an der Gemeng ass gekennzeechent mat dem Ziel Konzept „Käerjeng 2020" weider ëmzesetzen – déi nach jonk Gemeng Käerjeng weider ze moderniséieren an déi Projet déi am Kader vun der Fusioun definéiert sinn ginn konsequent no der finanzieller Situatioun vun der Gemeng ze realiséieren. Hei well ech kuerz op déi Diskussioun vun der leschter Gemengerotssitzung agoen an nach eng Kéier betounen dass et dëser Majoritéit net dreems geet vir géint en Gesetz ze goen bei der Demande un den Minister vir Prioritéiten vun den Fusiounsprojets ze änneren, mais dass den Interêt doranner leit weider kennen un den Projet ze schaffen, dëst och sachlech argumentéiert gëtt vir des Changementer virzehuelen am Interesse vun eisen Bierger aus der Gemeng Käerjeng.

Der LSAP hir Positioun ass hei absolut net ze verstoen an hir Argumentatioun ass wierklech mat den Hoer herbei gezunn an ass kontraproduktiv ze dém wat mir alles vir eis Bierger aus der Gemeng an der Kontinuitéit wëllen realiséieren.

Joer 2015 war virun allem geprägt déi Projeen weider auszeschaffen déi wichteg sinn vir dass Liewensqualitéit vun eisen Awunner kontinuéierlech kann verbessert ginn. Et gëtt weider an den Tiefbau investéiert d.h. an Stroossennetz an der Gemeng Käerjeng ewéi och an Infrastrukturen ewéi Kanal, Waasser, Gas an Kommunikatioun. Obwuel des keng populär Projet sinn, sinn ech awer iwwerzeegt dass déi kommend

Generatiounen och vun dësen Investissementer wäerten profitéieren. Och 2016 gëtt weider an dësen Beräich investéiert an dëst sinn z.B Projeen vun der Phase 2 vun der rue de la Résistance, rue des Prés, den Zentrum vun Uewerkäerjeng an nach verschidden aner Stroossen aus eiser Gemeng.

9 Projeen konnten am Joer 2015 ofgeschloss ginn, an hei stécht virum allem Realisatioun vum Zentrum vun Käerjeng ervir, en Zentrum deen sech weisen léist an wou Gemeng schonns vill positiv Echo kritt huet. Desweideren konnt déi nei Sportshal vun Lenger ageweit ginn wei och Vestiaire mat Buvette vir den Fussball zu Kéinzeg. Mir hunn och weider an't Zukunft investéiert an duerch den Kaf vun den Pavillon kritt eis Musekschoul ab September 2016 adequat Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt.

Des Majoritéit huet sech awer virun allem vill Gedanken gemaach wei an't Zukunft déi nei Infrastrukturen sollen beschtméiglech an den eenzelnen Uertschaften integréiert ginn wei z.B Neigestaltung an den kommenden Joeren vum Zentrum vun Kéinzeg mat verschiddenen Projeen wei den Neibau vum Précosse, Cylce 1 – respektiv Keinzeger Treff. Och zu Käerjeng soll wann den Käerjenger Treff fäerdeg ass um Site op Acker – do wou elo Hall 75 steet eng nei Spillschoul mat Maison Relais gebaut ginn. Hei gëtt net einfach iergend eppes geplangt an gebaut, mais et gëtt konsequent no der beschter Solutioun gesicht vir där ëmmer méi grousser Demande un Gemeng Rechnung kennen ze droen an dommadden iwert vill Joeren eraus Bestand soll hunn.

2015 ass awer och den wichtegen Dossier vum PAG realiséiert ginn an ass elo an der Endphase ukomm. Hei well ech vun der Gelegenheet profitéieren vir dem Schäfferot an awer virun allem der Mme Juttel an den aaneren Leit aus dem Service Technique Merci ze soen vir dei exemplarisch Aarbescht an desem

schwieregen Dossier. Vill Energie ass och an den Dossier Klimapakt investéiert ginn, eng Aufgab déi eis nach weider an den kommenden Joeren wärt beschäftegen.

Hunn mir 2015 iwwert 14 Milliounen investéiert, esou ass den Investitiounsprogramm vir 2016 mat 19 Milliounen ob engem héichen Niveau, ouni awer déi finanziell Situatioun vun der Gemeng ze verschlechteren. Vu que well mer wahrscheinlech och 2016 net alles wat mer geplangt hunn ëmgesat wäerten kréien, sou wäerten mer Enn 2016 nach mat engem Boni vun 10 - 12 Milliounen ofschléissen.

Et gëtt awer vun Joer zu Joer méi schwéier am dem Ordinären Budget Reserven ze schaffen, well duerch déi nei Moossnamen am Zukunftspak vun der Regierung eis Gemeng iwwert 3 Milliounen manner zur Verfügung wärt hunn an mir als Gemeng bei der Verdeelung vun staatlechen Gelder schlecht ewech kommen an dëst als 9 gréissten Gemeng am Land. Wann des Evolutioun esou weider geet an eis Reserven drasteg ofhuelen kommen mir als Gemeng virun neien Erausfuerderungen wat Finanzen ubelaangt an wann et keng Reform beim Staat gëtt bei der Verdeelung vun den staatlechen Gelder, dann kommen mir als Gemeng an long terme net laanscht eng Engagement vun neien Emprunt. Zu dësem Moment profitéieren mir nach vun den Subventiounen vum Staat betreffend Fusionsprojets awer dat sinn awer Gelder déi net laangfristeg zur Verfügung stinn. Hei hunn mir schonns iwwert 16 Milliounen € verschafft, wat beweist dass des Majoritéit hir Dossier ganz sérios an konsequent ëmsetzt an dëst och an Zukunft wärt maachen.

Dëst ass eng schwiereg Aufgab well mer wëssen dass besonnesch wat eis Personal ubelaangt mir an verschiddenen Beräicher ënnerbesat sinn par Rapport vun der täglicher Demande vun eisen Bierger un eis Servicer. Dém hunn mer och elo Rechnung

gedroen an an Zesummenaarbecht mat Bureau Resultance déi néideg Décisiounen geholl vir eisen Service Technique nei opzestellen an nei Leit ze engagéieren déi eis hëllefen wäerten den Rhythmus deen mir als Majoritéit virginn hunn vir eis Projeen ze realiséieren och weider kennen ze garantéieren.

Konnten mir nach 2014 Kostendeckung vun den eenzelnen Servicer wesentlech verbesseren esou war dat schonns vir 2015 net méi esou positiv an wei et ausgesäit geet den taux de couverture vir 2016 nach eng Kéier em e puer % erof. Dém mussen mir an Zukunft géigen steieren an genau analyséieren wat den beschten Modus ass vir dem Prinzip Pollueur / Payeur Rechnung ze droen.

Den Budget 2016 wei schonns gesot ass embissieiss awer dësen ass awer och esou opgebaut, dass sollt sech déi finanziell Situatioun vun der Gemeng änneren mir relativ schnell kennen reagieren. No den Investissementer an den leschte Joeren an Schoul an Sport bleiwen elo nach als groussen Projet den „Käerjenger Treff“ wei och den Kéinzeger Treff ze realiséieren. Den Bau vum Käerjenger Treff ass am Gang an steet mat 5 Mio am Budget vun 2016. Desweideren gëtt den Fussball Terrain zu Käerjeng an dësem Cadre gedreint an nei aménageiert – Käschtenpunkt, 1,4 Mio. Mir investreieren och an den Fuhrpark respektiv an nei Maschinen an der Heischt vun 860.000 €.. Dest sinn awer nemmen e puer vun den insgesamt 17 neien Projeen déi 2016 am Budget stinn.

Dir gesitt also dass den Investitiounsprogramm zu Käerjeng och vir 2016 importent ass, dass Gemeng Käerjeng weider um Wee ass sech ze moderniséieren an mir als CSV Projeen aus dem Koalitiounsprogramm CSV – Dei Greng – Bigk konsequent ëmsetzen.

Och um Niveau vum sozialen Beräich sinn mer weider aktiv an wäerten an Zesummenaarbecht mat SNHBM wei mam Fond de Logement verschidden Projeen nächst Joer ugoen an domatten eppes iwwert 70 Wunnunitéiten an der Käerjenger Gemeng kreien.

Frou sinn mer och dass den Dossier Altersheim CIPA elo méi konkret gëtt an um Site Op Acker integréiert wärt ginn, do wou och wann Gemeng mam Staat eens get nei Strukturen vir Flüchtlingen sollen hikommen.

Desweideren waarden mer och drop dass 2016 endlech Procédure vum Contournement weider geet – en Dossier deen leider schonns iwwert 20 Joer schleeft an awer elo wei et ausgesäit Fortgang soll kréien am Interêt vun der Verkéierssituatioun an der Gemeng Käerjeng.

Ewéi schonns gesot, dësen Budget 2016 steet weider kloer am Zeechen vun der Fusioun an am Zeechen vum Konzept „Käerjeng goes 2020“ an weist och dass des Majoritéit CSV – dei Greng – Bigk gewellt ass dass des Fusioun zum vollen Succès vir all seng Matbierger soll ginn.

An dësem Sënn wärt CSV-Fraktioun den Budget 2016 unanime ënnerstëtzen. Merci